N°3367
Entrée le 19.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.12.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Mam Gesetz vum 27te Juli 2022 kruten d'Gemengebeamten méi Kompetenzen, fir verschidden Inzivilitéiten kënnen ze sanktionnéieren. Am Artikel 4 (1) vum Gesetz as festgehalen:

*"Les membres du cadre policier de la Police grand-ducale, les gardes champêtres prévus à l'article 22 dans le cadre de leurs compétences, ainsi que les agents municipaux prévus à l'article 99 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 constatent par écrit les infractions qui peuvent faire l'objet de sanctions administratives et dont ils sont les témoins directs."*

Verschidde Gemengen hunn de Gemengebeamten dës Méiglechkeete schonn ageraumt a kënnen esou d'Police bei hirer Aarbecht entlaaschten. Dës Aarbecht ass awer och mat ville Konfliktsituatioune verbonnen, op déi d'Beamt:innen musse virbereet ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi ville Gemenge goufen d'Infraktiounen, déi am Gesetz vun 2022 festgehale sinn, agefouert?
2. Wéi vill gardes champêtres a wéi vill agents municipaux dierfen haut sanctions administratives ausschreiwen, opgelëscht no Gemeng?
3. Wéi eng Formatioune goufen opgestallt, fir d'Beamt:innen an hiren neien Aufgaben aus- oder weiderzebilden?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Existéieren spezifesch, eenheetlech Formatiounen, fir den Ëmgang a Konflikt- oder Gewaltsituatiounen ze bewältegen? Falls jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3367 vum 19. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Sanctions administratives des agents municipaux".

1. A wéi ville Gemenge goufen d'Infraktiounen, déi am Gesetz vun 2022 festgehale sinn, agefouert?

25 Gemenge hun d'Sanctions administratives agefouert.

2. Wéi vill gardes champêtres a wéi vill agents municipaux dierfen haut sanctions administratives ausschreiwen, opgelëscht no Gemeng?

Den Artikel 4 vum Gesetz vum 27. Juli 2022 iwwer d'Sanctions administratives gesäit vir, dass all d'Garde-champêtres am Kader vun hiere Kompetenzen an all d'Agents municipaux kënnen Infractioune feststellen déi zu enger administrativer Strof kënne féieren. Den Inneministère huet keng statistesch Donnéën iwwer d'Zuel vu Garde-champêtres an Agents municipaux, déi tatsächlech sou Infraktiounen constatéieren .

3. Wéi eng Formatioune goufen opgestallt, fir d'Beamt:innen an hiren neien Aufgaben aus- oder weiderzebilden?

Fir der Opwäertung vun de Kompetenze vun den Agents municipaux duerch d'Gesetz vum 27. Juli 2022 iwwer d'Sanctions administratives Rechnung ze droen, goufe follgend Formatiounen an der Grondausbildung vun dene Beamten agefouert:

- La recherche et la constatation des infractions et les dispositions pénales y afférentes (12h) ;
- Prévention de la délinquance, la sensibilisation de la population à la sécurité, la législation de la sécurité routière (12h) ;
- Élaboration de rapports de service (6h) ;
- Législation en matière de la protection de la nature (3h) ;
- Communication et gestion de conflits (12h) ;
- Gestes de premiers secours (15h).

Agents mucicipaux ,déi net méi am Service provisoire si, kënnen dës Formatiounen als Formation continue suivéieren.

4. Existéieren spezifesch, eenheetlech Formatiounen, fir den Ëmgang a Konflikt- oder Gewaltsituatiounen ze bewältegen? Falls jo, wéi eng?

Aus der Äntwert op d'Fro N° 3 geet ervir dass d'Agents municipaux wärend hirem Service provisoire eng spezifesch Formatioun suivéieren iwwer Kommunikatioun a Gestion de Conflits. Doriwwer eraus kann all Agent municipal an all Garde-champêtre och all Formatioun an deenen Domänen suivéieren, déi den Institut national d'Administration publique all Joer am Kader vun der Formation continue vum Gemengepersonal ubitt.

Lëtzebuerg, de 16. Januar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden